DEMOKRATESCH PARTEI
Sektioun Äischdall

*Am Numm vun der DP Äischdall erlabe mir eis folgend Froen a Proposen op den Ordre du jour vum Gemengerot vum 18 Juli 2024 ze setzen:*

1

No de rezent a kuerz openeen folgenden Iwwerschwemmungen, besonnesch duerch Starkreen, ass et eng Top-Prioritéit optimal a schnell Léisungen ze fannen an ëmzesetzen, fir zoukënfteg Schied bei Onwiederen ze miniméiere beschtefalls ze évitéieren, dëst souwuel materieller Aart wei awer och bei mënschlechem potentiellem Ongléck.

- Mir proposéieren am Virfeld, ier de Kanal gebotzt gëtt, d'Awunner duerch Push-Noriichten ze informéieren an opzefuerderen, hier op de Kanaldeckele stationéiert Autoen ewechzehuelen, sou dass des wichteg Aarbechte méi effikass ausgefouert kenne ginn.

- All d'Awunner déi Sandsäck froen, sollen déi kréien an och kennen halen, sou dass se bei Bedarf schnellsten geluecht kenne ginn.

- Nieft dëse kuerzfristege Léisungen schloe mir eng Starkreen-Etude vir, wou no léisungsorientéierte Weeër gesicht gëtt vir Degâten ofzeschwächen. Vill Gemengen maachen dëst schonns am Sënn vun enger besserer Protectioun vun hiren Awunner.

- Vir Bulli a Schlamm aus eise Felder ze évitéieren oder op mannst ze miniméieren, proposéieren mir datt Gemeng probéiert am Gespréich mat eise Baueren, Hecke lanescht di konzerneiert Felder a Stecker ze setze vir de Buedem besser zeréck zehalen. Ausserdeem soll gekuckte gi datt problematesch Kulturen ob dëse Stecker vermidde gi vir esou eis Awunner besser ze schützen. Hei mussen eis Gemengeresponsabel proaktiv mat de Bewirtschafter vun de Stecker den Dialog sichen.

DEMOKRATESCH PARTEI
Sektioun Äischdall

2.

Mir proposéieren en organiséierte Bus-Transport, respektiv e PEDI-Bus (Begleedpersonal) vun de villen Kanner déi an der LASEP ageschriwwe sinn, vun der Maison Relais zu Äischen bis an d'Sportshal.

Mir fannen et net gënschteg dass dësen bis elo vun den Trainere vun der LASEP garantéiert gouf an esou quasi keng Zäit fir Spill a Sport méi bleift.

Et ass bewisen dass d'Kraaft vum Sport déifgräifend positiv Auswierkungen op d'Entwécklung vun eise Kanner, wat Equippegeescht, Motorik, Konzentratioun Leeschtungsfäegkeet asw betrëfft, huet.

D'LASEP vervollstännegt déi pädagogesch Missioun an der Primärschoul andeems si sech am Beräich vum para-périscolairen Schoulsport engagéiert, an dëst gëllt zemools an enger Zäit wou Bildschiermer a virtuell Welten ëmmer méi dominéieren ze förderen an ze ënnerstëtzen.

DEMOKRATESCH PARTEI
Sektioun Äischdall

3.

Et misst virgesi ginn, Trap, déi zu Äischen an der rue de la montagne laanscht de Wäschbuer erop bei de Kierfecht geet, ze erneieren. Si ass an engem desolaten Zoustand wou d'Sécherheet net méi garantéiert ass.

Mir sinn och drop higewise ginn dass de Wäschbuer an där Strooss trotz der Notioun „terminé" am Report-it an der Gemengen-App nach ëmmer iwwerleeft.

Mir wéilten och nofroen op d'Arbechten un der Mauer vun der Simmer Kierch ugefaangen hun.

4 .

Mir wollte wësse wéi d'Prozedur ass an e wéi engem Delai d'Awunner vun der Kräizerbucher-Strooss zu Habscht, iwwer d'Aarbechte vum Chantier, den Avancement a Réperkutiounen vun dësen informéiert ginn.

5.

Den Ënnergrond mam Gelänner vun der Bréck hannert der Fellesch-Millen huet Rëss a neigt sech extrem. Mir denken dass do schnellsten d'Stabilitéit iwerpréiwt misst ginn. Ass do eppes virgesin?

6

Bei de Lautsprecheranlagen (zemools um Kierfent zu Simmer, mee op an all anere Platzen an eiser Gemeng), misst en Entretien an en Entretien dovunner gemaach ginn. Hued den Schäfferot do en Plang vir eppes ze ënnerhuelen?